

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 8. Februar 2021

**LU:** Themen op der Dagesuerdnung ware wéineg bis guer net kontrovers. Z.B. ass et evident, datt mir „Mayors for Peace“ weider ënnerstëtzen. Dofir gi mir lech hei just Erklärungen zu onse mëndleche Froen a Proposen un den LSAP/CSV Schäfferot.

**Chantier, Pedibus & Sécherheet:** Am Zesammenhang mat de Chantieren zu Béiweng/Bierchem, an am Speziellen dee vum Schoulcampus, ass et a leschter Zäit zu verschiddene kritesche Situatioune fir d'Foussgänger komm. Besonnesch schwierig ass et an der Rue du Chemin de Fer, wou oft den Trottoir fir de Pedibus blockéiert ass, well Elteren déi hier Kanner mam Auto an d'Schoul bréngen an do um Trottoir stationéieren. De Schäfferot huet hei schonn e puer sënnvoll Géigemoosnamen ergraff. Mir hunn nach d'Iddie vun enger Pedibus-Sammelstatioun „Kiss & Go“ bei der Gare virgeschloen. Da kéinten d'Elteren hier Kanner do aus dem Auto loossen an des ginn dann vun do aus mam Pedibus déi läscht 100m an'Schoul.

Fir dat d'**Foussgänger um Parking Gare** e bësse méi sécher sinn, hunn mer virgeschloen de Parking am „Sens unique“ ze maachen. An an der „Rue de Kockelscheier“ hu mer en zousätzlechen Foussgängersträifen an, wéinstens fir Zäit vun dem Chantier, eng Geschwindegkeetsbegrenzung op 30km/h, virgeschloen.

Fir ons Kanner a Jugendlech an Corona-Zäiten besser ze ënnerstëtzen hu mer de Schäfferot gefrot ob et méiglech wär, eng **Ëmfro iwwert d'Befannen vun de Jonken, hiren Elteren an dem Léierpersonal** ze maachen. Et schéngt ons wichteg, dat jiddereen esou gutt ënnerstëtzt gëtt ewéi méiglech fir psychesch Schiet a schoulesche Leeschtungsooffall ze vermeiden. Och eng Hotline um Gemengenniveau oder eng Permanence fir Aufgaben eraus ze drécken oder bei technesche Problemer géife mir sënnvoll fannen.

Och hu mer eng **Rëtsch Bierger-Ufroe gestallt** déi un eis erugedroe goufen: Problemer mat **Betrib-Camionetten zu Peppeng** an engem Wunnquartier, d'Akkumulatioun vu **Bauschutt ronderëm dat aalt Postgebai zu Réiser** wat net bautereglements-konform ass, d'Setzen & Ersetzen vu **Stroosseneck-Spigel** op **oniwwersiichtleche Plazen**, resp. d'Verschwanne vun engem Spigel um Eck „Rue de la Montagne/Rue de Champs“ zu Crauthem.

Och wollte mer wëssen op d'Gemeng rezent consultéiert gi wär am Kader vum **Projet Hesper Contournement**, an op mer Statistiken kéinte kréien zu der **Zuel vu Réiser Kanner déi an anere Gemengen an d'Schoul ginn**, notamment a privat Schoulen (z.B. de francophone „Vauban“). Dëst mam Gedanken, datt et wichteg wär ze gesinn op et hei ee wuessenden Trend gëtt, a wa jo, wéivill dat fir eis Gemeng ausmécht. Dat ass wichteg fir eng effikass a proaktiv Integratiounspolitik – hei soll jo den kommunalen Aktiounsplang deemnächst iwwerschafft ginn – an och fir Planung vun de Schoukapazitéiten.

Mir wënschen iech weiderhin eng gutt **Gesondheet** an och eng **schéin Fuesent doheim**.

## Nos positions au Conseil communal du 8 février 2021

FR: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 22. Mäerz 2021

**LU:** Eigentlech war virgesinn, elo am Mäerz iwwert eis gréng Decisiounsproposé fir e **Verzicht op Styropor-Dämmstoff bei de Gemengebauten** ze debatéieren an ofzestëmmen. Leider waren awer d'Avisen vun de berodende Kommissiounen (Bauten, Ëmwelt & Klimateam) net all prett, an de Punkt gouf op d'nächst Séance (Mee) verréckelt. Mir hoffen datt hei de Sproch „Gut Ding braucht Weile“ zoutreffft, an d'Majoritéit am nächste Conseil effektiv mat op de Wee geet fir bei Gemengebauten op Styropor ze verzichten, d'Bierger fir dës Problematik ze sensibiliséieren, an se ze encouragéieren ebenfalls souwäit et méiglech

ass op net-nohaltegen Styropor ze verzichten.

Beim Punkt 3 goug et ëm de **Réiser Avis zum neien Nationalen Loftqualitéitsplang** (PNQA). Well d'LSAP-CSV Majoritéit dem Gemengerot am Februar keng Avis-Propose virgeluecht hat, mee d'Deadline fir een Avis ofzeginn awer schonns virun dëser Mäerz-Sitzung louch, konnten d'Gemengeréit sech leider net méi inhaltlech abréngen, mee just dee scho vum Schäfferot agerechten Avis nodréiglech guttheeschen, wat och eestëmmeg geschitt ass.

Grouss Eenegkeet gouf et vun alle Säite fir déi **wäertvoll Initiative vum „Impf-Reider“** (Punkt 4.5), resp. engem Busservice fir all d'Awunner iwwer 75, vulnerabel oder à mobilité réduite déi et wëllen, op Mondorf an den Impfzenter ze féieren. Mir hu begréisst, datt d'Gemeng och schonn direkt wollt kucken a wéiwäit se des Bus-Offer och op d'Leit vun den nächsten Phasen am Impfplang kéinten auswäiten, an hunn dës Auswäitung vu grénger Säit ausdrécklech ënnerstëtzt. Mir hunn och dofir plädéiert d'Auerzäiten vun dëser Bus-Offer (Lu-Ve. 13h-19h) idealerweis op Moies an op Samsdes auszewäiten.

Fir de Rescht waren dräi weider wichteg Punkten **d'Extenssioun vun der Sportshal** zu Crauthem (Punkt 9: Annexe, Noutausgang fir d'Tribüne, an e Vëloshäuschen), **d'Ëmgestaltung vun der Rue des chemins de Fer** zu Bierchem en Vue vun der Ouverture vum neie Schoulcampus (Punkt 11.2), an d'Verbesserung vun der **Sécherheet vun de Foussgängersträifen zu Bierchem an zu Béiweng** an der Haaptstrooss (Punkt 11.1). Dëst ass wichteg an noutwenneg Initiative déi duerno och schnellstméiglech fir aner Stroossen an Dierfer muss an Ugrëff geholl ginn.

Beim Punkt 12, de **mëndleche Froen**, si mer nach eng Kéier op d'Zebrasträifen zeréckkomm an hunn eis Propose aus dem leschte Conseil rappelléiert fir een **zousätzlechen Foussgängersträifen an der Rue de Kockelscheier, uewen virun der Zuchbréck**, anzezeechnen, grad och wéinst dem Pedibus déi do laanscht ginn. Desweideren hu mer och **nees eng Rëtsch Bierger-Ufroe weider ginn**, déi un eis erugedroe goufen: No der Responsabilitéit fir d'**Ewechmaachen vun Reklammsplakater op Luuchtepottoen** déi zanter dem Hierscht nach op eenzele Pottoen a Wunnstroossen hänken; iwwert eventuell Reklamatiounen wéinst dem **Kaméidi vu Loftwärmepumpelen**; iwwert akut **Hautreaktiounen op eng Seef an der Crauthemer Schoul**; zu der **Rumeur vun engem vergëften Hond** op engem Trëppelwee zu Réiser; an iwwert eng **gefëierlech Garagenausfaart vun enger Résidence** zu Réiser wou laanscht Strooss geparkten Autoen d'Sicht staark behënnere. An zu gudder Läscht hu mer nach d'Propose gemaach fir zu Réiser an der Rue Schlammesté vum aktuelle Chantier ze profitéieren an direkt schonn de **Sockel fir e Vitesse-Radar, resp. en „Avertisseur“, virzegesinn**.

## Nos positions au Conseil communal du 22 mars 2021

FR: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 3. Mai 2021

**LU:** Ufank Mee stoung eis gréng Propose fir e méiglechst komplette **Verzicht op Polystyrène Dämmstoff bei Gemenge-Bauprojeten (allgemeng bekannt als Styropor/Styrodur)** op der Dagesuerdnung.

Et fret eis, datt dës Initiative eestëmmeg vun alle Parteien ugeholl gouf, och wann se schlussendlech leider bësse verwässert gouf: Nieft puer gudden Elementer déi de Schäfferot ergänze wollt, hat d'LSAP-CSV Majoritéit **leider net de Courage fir sech mat engem kloren „mir vermeiden“ ze engagéieren, mee huet op déi méi vague Formulatioun „probéieren ze vermeiden“ bestanen.** Trotzdeem ass dëst een Ufank, an domadder e wichtege Schratt a Richtung Verzicht op dëst bëlleget, mee Ëmwelt- a Gesondheets-problematescht Dämmmaterial, a fir d'Promotioun vu méi nohaltegen **ëmweltfrëndleche Dämmstoff-Alternativen.** Mir hoffen datt de Schäfferot elo an der Suite tatsächlech Neel mat Käpp mécht a mam gudde Beispill virgeet, an doriwwer eraus och en neit Subsidreglement fir ekologescht Bauen ausschafft fir **och d'Bierger bei hiren Bauprojeten finanziell encouragéiert op Styropor/-dur ze verzichten.**

Dëse Plastik-Dämmstoff gëtt aus Pëtrol gemaach, zersetzt sech an der fräier Natur réischt no honnerte vu Joren, an ass eng héich brennbar Substanz déi mat Chemikalien traitéiert gëtt fir manner séier Feier ze fänken. En enthält doriwwer eraus als Basissubstanz Styrène déi iwwer Zäit ausdënste kann an déi 2018 vun der OMS als „warscheinlech kribserreegend fir de Mënsch“ agestuuft gouf. Iwwer Joerzénge gouf desweideren eng héich toxesch Chemikalie (BHCD) mat dra verschafft déi ab 2015 europawäit verbuede gouf. Dobäi kennt dann d'Tatsaach, datt deen an de Fassadesystemer verbaute Polystyrène Dämmstoff net ka recycléiert ginn. **Polystyrène Dämmstoff sinn deemno eng Zäitbomm, wäit ewech vum Prinzip vun enger Circular Economy, a gehéieren fir eis net a modern, nohalteg a wunngesond Gebaier.**

E weidere flotten a wichtege Punkt war d'Nr° 6. Hei ass et em **M-Boxe fir Vëloen** gaangen, a virun allem em en Accord mat **der CFL fir hieere Carsharing System „Flex“ och hei an der Réiser Gemeng** unzebidden. Dës Statioun, déi zum Zäitpunkt wou der dëst liest wuel scho um Parking vis-à-vis vun der Gemeng funktionéiert, gesi mir als wichtege Schratt fir eng méi nohalteg a méi **flexibel Mobilitéitsoffer fir eis Awunner.** D'Méiglechkeet, sech punktuell esou ee Flex-Auto kennen auszeléinen, ass sécherlech keng Léisung fir jiddereen, mee dës Carsharing Léisungen erlaben et awer ëmmer méi Leit a Stéit op en eegenen Auto ze verzichten, respektiv op de Kaf vun engem zousätzlechen Auto. Dëse Mentalitéitswiessel an der Gesellschaft kënne mer heimadder ënnerstëtzen.

Obwuel et sech beim ugebuedenen Auto an enger 1. Phase net em en Elektroauto handelt, begrësse mir des nei Méiglechkeet, an invitéieren lech vun dëser flotter Offer ze profitéieren fir datt se nach weider ausgebaut ka ginn. Mir denken do z.B. un eng weider Statioun bei der Gare. Mir haten dës Iddi scho viru Joren am Gemengerot an an de Bierger-Kommissiounen ugeschwat, a si frou dat ons Gemeng elo ob dëse Wee geet.

**Bei de mëndleche Froen** hu mer nees ganz verschidden Themen opgegraff. Mer hunn z.B. drop opmierksam gemaach, dat verschidde **Feldweeër fir Foussgänger** net méi gutt ze benotze sinn, well se duerch en **Zonk mat pickegen Drot** verspéiert ginn. Mir wollt mat Bléck op déi nei Carsharing Offer wëssen wou d'Gemeng mam Choix vun enger **Vëlo-Sharing Léisung** drun ass (Vel'oh System oder deen aus dem Süden), an hunn awer insistéiert, datt fir eis awer **prioritär d'Vëlospistennetz an eiser Gemeng muss verbessert ginn.** Mir wollt zousätzlech Infoen zu engem **Vëloswee-Projet vum neie Stadion aus Richtung Kockelscheier.** Mir wollt wëssen op de Schäfferot schonn - wéi vun eis am Dezember proposéiert - decidéiert hätt **zousätzlech Mataarbechter am Ëmwelt/Klima/Transitiounsberäich anstellen (...leider nach net),** an och op et deemnächst eng **Neioplo vun der Poubelle-Konschtaktioun mat de Schoulkanner** géif ginn, well etlech vun deene virun puer Joer bemoolte Poubellen mëttlerweil ofbliederden oder verbleecht sinn.

## Nos positions au Conseil communal du 3 mai 2021

FR: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 14. Juni 2021

Am Juni huet de Réiser Gemengerot sech parteiwwergräifender mat enger symbolescher mee wichtiger Aktioun solidariséiert. Genee wéi vill aner Gemengen, gouf och eis Gemeng als „LGBTIQ Fräiheetszon“ deklaréiert. Dëst Aktioun, déi net nëmmen een Zeechen géint Homo- an Transphobie setzt, mee doriwwer eraus fir ALL d'Bierger:innen eis Wäerter vun Oppenheet, Toleranz, Gläichberechtigung a Schutz vun de Grondwäerter an de Mëttelpunkt stellt, ass inspiréiert vun engem änleche Vott am EU Parlament am Mäerz 2021, wou d'ganz EU zu enger LGBTIQ Fräiheetszon deklaréiert gouf – speziell och als Reaktioun op d'Ausruffe vun „LGBTIQ-fräien Zonen“ a Polen.

Falls iech des Ofkierzung vläicht net esou geleeft ass: se steet fir d'englesch Wierder Lesbian, Gay, Bisexual, Transgender, Intersex a Queer (Questioning), a regroupéiert domadder déi grouss Diversitéit am Beräich vu sexueller Orientatioun nieft der Heterosexualitéit an och vun der Geschlechts-Identitéit.

Fir de Rescht gouf et nieft Votten zu enger Rëtsch Notairesakten, Verkéiersreglementer an dem Kontenofschloss vum Budgetsjoer 2020 vun der Gemeng, virun allem och nach d'Thema Schoul, mat der Schoulorganisatioun 21/22, dem Plan d'Encadrement Périscolaire an dem Schoulentwécklungsplang 2021-2024.

Hei hu mir drop higewisen, datt am Evaluatiounsrapport steet, datt de Kontakt an d'Koordinatioun tëscht Schoul a Maison Relais däitlech verbesserungswierdeg wär. Mir hunn nogefrot, wat de Schäfferot gedenkt hei ze maachen. Eng vun onse laangjäreg Fuederungen ass heibäi, datt d'Maison Relais onbedéngt misst als Observateur an der Schoulkommissioun vertruede sinn, well all Froen, Virschléi oder Problemer mat Bezuch zur MR soss ni kennen en Presence vun all Säit debattéiert ginn.

Bei de mëndleche Froen hu mir als Gréng nogefrot wat et Neies a Punkto Masterplang Hierschterbiereg géif an op dëst Joer nach ee Biergerbedeegelungs-Workshop wär. Och wollte mer wëssen wou de Wandradprojet vu Sudwand drunn ass. De Buergermeeschter rechent hei spéitstens fir d'Freijoer mam Ufank vun den Aarbechten zu Peppeng.

Beim neie „Klimapakt 2.0“ - en neie Klima-Aktiounsprogramm fir d'Gemengen - hu mir gefrot fir d'Klimaschutzstrategie vu Réiser méi öffentlech ze diskutéieren, dem Gemengerot den neie Programm, mee virun allem och de Startzoustand (Point de départ) ze presentéieren, fir dann zesummen iwwert d'Strategie, d'Richtung an d'Vitesse vun eise lokalen Efforten am Klimaberäich ze diskutéieren, an de Gemengerot reegelméisseg iwwert d'Fortschrëtt ze informéieren. Méi präzis hate mir och gefrot op de Schäfferot et géif weiderhi fir néideg fannen, datt Photovoltaik-Anlage fir Sonnestrom eng Baugeneemegung bräichten. D'Äntwert war Jo, obwuel et net an all Gemeng de Fall ass.

Mir hunn e Kompliment gemaach fir déi flott nei Panneauen um Bësch-Léierpad zu Krautem, mat der Bemierkung datt se awer fir Kanner bëssen ze héich hänken an op een do net kéint nobesseren. An och déi nei Holzcloture beim Krautem Weier hu mer ugeschwat déi zwar ganz flott ass, mee wou kleng Kanner elo net méi gutt driwwer gesinn.

Mir wëssen, wat et mat deem seltsamen Tuerm net wäit vun der Gare op sech hätt: datt ass de Kamäin vun der zukünftiger Holzhackschnitzelanlag. A wat d'Hënnere vu Camionnetten ugeet, beim ale Schapp direkt riets virun der Bréck fir vun Réiser iwwert de Bann op Kockelscheier, wou een Betrib Fënstere stockéiert, huet d'Gemeng drop verwisen, datt leider keng Geneemegung fir dës Notzung néideg wär.

A schlussendlech huet de Buergermeeschter eis Iddi opgeholl fir eventuell e Schëld mat den erlaabten Aktivitéiten beim Parking vum Herchesfeld opzestellen. De Schotterparking virum Herchesfeld gëtt nämlech ëmmer méi fir Fräizäitaktivitéiten genotzt (z.B. ferngesteiert Autoen, Pilotage vun Drohnen, ...) wouvunner eenzeler awer verbuede sinn (wéi z.B. Quadfuere). Duerch e Schëld mat de Reegelen wär de Visiteure dann zumindest klor wat erlaabt ass a wat net...

Vergiesst net: D'Gemengerotssitzunge gi gefilmt a kommen dono op de Site vun der Gemeng fir datt all Interesséierte se ka kucken. Déi vum 14. Juni fannt der hei: <https://video.roeser.lu/v/rzhmncfZWN>

## Nos positions au Conseil communal du 14 juin 2021

La version française est disponible sous:

<https://www.facebook.com/grengreiserbann>

ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 19. Juli 2021

Am Juli hat den Gemengerot een zimmlech laangen an diversen Orde du jour esou datt mer hei just déi puer wichtegst erausgräifen.

Beim Punkt 2.2 huet et sech ëm de **Kaf vun enger Terrain-Parcelle um Hierschterbiérg** gehandelt, wou d'Gemeng en vue vum Amenagement vun dësem Areal een Terrain kaaft huet. De Buergermeeschter huet eis erkläert, datt een en Vue vun der Realisatioun vum Masterplang Hierschterbiérg mam Staat een Accord fonnt huet souwuel iwwert een Eenheitspräis wéi iwwert wéi een Acteur wéi eng Terrainen iwwerhëlt. D'Proprietären kennen vun engem däitleche Steieravantage op der Plus Value vum Terrainsverkaaf profitéieren, wa se elo am Virfeld un d'ëffentlech Hand verkafen. **Mir fannen dës Approche gutt, well et wichtig ass, dat d'ëffentlech Hand den zentralen Acteur bei dësem Projet ass, an net d'Promoteuren a grouss privat Proprietären.**

Desweideren goug et dës Kéier och ëm den neie **Kontrakt mat der Valorlux** fir d'Sammlung vun de bloe Säck mat zousätzleche Verpackungszorten, em eng PAP- an zwou **PAG-Modifikatiounen**, ëm d'Festsetze vun den Hebesätz fir d'**Grundsteuer** a fir d'**Gewerbesteier**, ëm déi nei Statuten vu **Minett-Kompost**, ëm de Gebrauch vun de Réiser Finanzreserven am Kader vum **Pacte Logement**, ëm d'**Peppenger Kierch**, an och nees ëm eng **Konventioun mat enger Privatpersoun** fir d'**Planzen an den Ënnerhalt vun Uebstbeem** op hirem Terrain. **Hei si mer als Gréng Réiserbann besonnesch frou, datt eis Propose ugeholl gouf fir am Kader vun esou Konventiounen och auszuhandelen, datt net nëmmen op chemesch-syntheetesche Pestiziden beim Uebst an bei de Beem verzicht gëtt, mee op dem ganzen Terrain.** Mir hunn an dem Sënn och der concernéierter Madamm an der Sitzung e **grousse Merci** ausgedréckt, datt si bereet war mat op dese Wee ze goen.

Ënnert dem Punkt 9 hu mer iwwert den Numm fir eng nei Strooss op der Kockelscheier ofgestëmmt: **d'Rue Simone Veil**. D'Madame Veil ass eng wichteg Persoun aus der Franséischer Politik, eng Symbolfigur fir de Kampf em d'Fraerechter zanter si Métt de 70er Joen d'Gesetz iwwert d'Afféieren vum Schwangerschaftsabbruch duerchgesat hat an spéider déi éischt Presidentin vum direktgewielten Europaparlament gouf. Virun allem huet si awer och eng Shoah Vergaangenheet a war mat hirer Famill kuerz no hirem BAC Examen op Auschwitz deportéiert ginn.

Bei de mëndleche Froen hu mir als Gréng nees eng ganz Rëtsch Punkten nogefrot déi dir am Compte Rendu noliessen kënn. Déi wichtegst war heibäi d'Nofro op Basis vu **Reklamatioune vu besuergte Bierger**, wat de Schäfferot kéint ënnerhuele fir d'Bauern an eiser Gemeng drop hinweisen, datt se **do wou hir Felder direkt direkt un Haiser oder privat Gäert stoussen, mat Sprëtzen- an Düngemëttel besonnesch mussen oppassen an eng Sécherheitsdistanz sollen anhalen fir datt dës Dünger a Pestiziden net op der Terrasse oder an de Gäert vun de Leit landen**, wou z.B. kleng Kanner an och Hausdéieren se séier an de Mond gestach an ofgeschléckt hunn, an d'Leit och a Besuch op hiert d'Geméis veronséichert sinn. Zu Crauthem krute mir Fäll erzielt, wou d'Düngerkugelen bis widder d'Fënstere vum Haus geflu sinn, an wou een Hond krank gi war.

Vergiesst net: D'Gemengerotssitzunge gi gefilmt a kommen dono op de Site vun der Gemeng fir datt all Interesséierte se ka kucken. Déi vum 19. Juli fannt der hei:

<https://video.roeser.lu/v/VRYqLUaocp>

## Nos positions au Conseil communal du 19 juillet 2021

La version française est disponible sous:

<https://www.facebook.com/grengreiserbann>

ou par code QR:





Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 27. September 2021

Am September Gemengerot hunn zwee Punkte besonnesch eraus gestach:

### Bäitritt zum Klimapakt 2.0

D'Course fir méi Klimaschutz um lokalen Niveau ass lancéiert! Am Juni huet d'Chamber per Gesetz dee vum gréngen Ëmweltministère proposéierte „Klimapakt 2.0“ téscht Staat a Gemengen lancéiert, an elo ass och Réiser nees dobäi. De Klimapakt 2. ass däitlech méi ambitiéis wat d'Zieler ugeet, mee bitt de Gemengen och méi Ënnerstétzung fir méi effikass, méi séier a méi koherent beim Klimaschutz, der Energietransitioun an der Nohalteger Entwécklung virun ze kommen.

Klimapakt 2.0 heescht:

- > En Concours téscht de Gemengen fir bis 2030 beim lokale Klimaschutz séier virun ze kommen
- > 50 % méi Berodungstonne vum Staat fir d'Ëmsetze vu lokale Klimamesurë
- > Zesummenaarbecht téscht méi Gemengen gétt vereinfacht
- > En ambitiéis a breede Moosnamekatalog deen d'Gemengen sollen ëmsetze
- > Obligatioun e Klimaschäffen ze bestëmmen fir d'Koordinatioun an d'politesch Verantwortung
- > Méi lokal Biergerbedeegung iwwert d'Klimateam an doriwwer eraus.

Fir déi gréng Réiserbann ass klor, datt d'LSAP/CSV Majoritéit an dësem Kontext eng déck Schëpp muss bäileeën. Beim éischte Klimapakt luech Réiser wäit hannert de beschte Gemengen, a beim 1. SolarChallenge ([www.solarchallenge.lu](http://www.solarchallenge.lu)) hat eis Gemeng mol guer net matgemaach. Dofir hu mir nach eng Kéier eis Fuerderung vu leschtem Dezember widderholl, datt mer nëmme viru kommen, wann d'Gemeng méi personell Ressourcen an d'Nohalteger Entwécklung stécht a säin Ëmwelt Service dréngend verstärkt. Méi Informatiounen zum Pakt: <https://www.pacteclimat.lu>

**Wann Dir interesséiert sidd am Réiser Klimateam matzemaachen a bei der Ëmsetzung vun de Klimapakt Zieler ze hëllefen, da mëllt iech op der Gemeng oder bei eis (Gréng Gemengerot a Member vum Klimateam: [dan.michels@mac.com](mailto:dan.michels@mac.com))**

### Gréisser Upassung vum Verkéiersreglement

De Gemengerot huet e gréissere Pak vu Ännerunge ugeholl déi der Verkéierssicherheit, der Verkéiersberouegung, der Verbesserung vum Verkéiersfloss an der Attraktivitéit vum Vëlo als Fortbewegungsmëttel sollen déngen. Och wa mer eenzel Kriticken a Bedenken an der Debatte geäussert hunn, war et eis als gréng awer wichtig fir dës Modernisatiounen ze stëmmen. Eng Wonnerléisung gétt et och bei der Verkéierspolitik net, ausser datt et evident ass, datt een dee Verkéier kritt fir deen ee baut. E simpelen „Angebotstreifen“ fir de Vëlo op Hauptstroossen (Peppeng – Crauthem - Réiser) ass sécherheetsméisseg net gutt a wäert weiderhin vill Leit ofschrécken fir méi dacks mam Vëlo ze fueren. Trotzdeem ass et endlech een Ufank bei der laang iwwerfälliger Mise en place vu Vëlosweeër an eisen Dierfer, inklusiv der Erlabnis an Zukunft eenzel Einbanen mam Vëlo dierfen a béid Richtungen ze benotzen. D'Richtung stëmmt deemno och wann et nach un der néideger Konsequenz feelt. Mir freeën eis och iwwert méi Zones 30 a speziell och iwwert dee vun eis proposéierte Foussgängersträifen bei der Eisebunnsbréck an der Kockelscheierstrooss, dee ganz wichtig fir de Pedibus ass. Och d'Erweiterung vum Parking zu Réiser an zu Crauthem a Kombinatioun mat eenzele Parkverbueter ass - a priori - eng gutt Saach, obwuel een d'Parkingsituatioun onbedéngt muss an Ae behalen. Eng Extensioun riskéiert bekanntlech ëmmer de Problem just bässe méi wäit ze verlageren.

### Eis mëndlech Froen un de Schäfferot

Do ware mir wéi ëmmer ganz aktiv. Eis Froen an déi jeeweileg Äntwerten fannt der am Sätzungsrapport op de Säiten virdrun, oder och am Video: Déi ganz Gemengerotssitzung vum 27.09 fannt der hei: <https://video.roeser.lu/v/DRjwgFMVQA>

## Nos positions au Conseil communal du 27 septembre 2021

La version française est disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 8. November 2021

**LU:** Den November Gemengerot war – no enger Paus am Oktober – nees gutt gefëllt: Vun enger Europäescher Charta fir Chancëgläichheet tëscht Fra a Mann, puer Notairesakten a verschidde Verträge, iwwer Subsidien, Detailer zu engem PAP zu Peppeng an dem Numm vun engem neie Quartier zu Léiweng, bis zur Schafung vun neie Posten an dem kommunalen Avis zum 3. Lëtzebuerger Waassergestiounsplang fir all national Flëss a Baachen déi an de Rhäin oder an d'Maas (Meuse) lafen. Als d'ei gréng Réiserbann gi mer op dëser Säit awer just op 2 vun de ronn 20 Punkten an:

- de järeleche Bëschbewirtschaftungsplang vun der Gemeng Réiser
- eis gréng Decisiounsproposé fir e méi nohaltege Gemengesubsidie fir de Kaf vun engem Vëlo oder Pedelec25

**D'Bewirtschaftung vum Réiser Gemengebësch:** Wéi all Joers huet de Fierschter dem Gemengerot den aktuellen Zoustand vum Gemengebësch erkläert an d'Projete an de Käschtepunkt fir 2021 virgestallt. An e Constat bleift leider aktuell: de Bësch leit ëmmer méi staark ënnert der Dréchent an hire Folgen. D'Beem ginn ëmmer méi geschwächt, a méi ufälleg fir Krankheeten, Parasitten an Insekten. An de Fierschter geet dovunner aus, dat vill Beem, a speziell eenzel Baamzorten - och ganz typescher wéi d'Bichen - weider esou Joren net wäerte paken, an da lues a lues aus eise Bëscher verschwannen.

**De Klimawandel ass deemno och am Réiser Bësch ze spieren,** an d'Wiederstatistike stëmmen net grad optimistesche: Laut Statec war 2020 dat 7. Joer hannerteneen mat ënnerduerchschnëttlechem Nidderschlag an dat 8. Joer mat iwwerduerchschnëttlech vill hëtzege Deeg par Rapport zur Moyenne 1981-2010). Fir de Bësch ze stabiliséieren gëtt probéiert d'Baumzorten méi ze mëschen an och op Zorten ze setzen, déi méi resistent sinn. Mir soen dem Fierschter a senge Leit villmools Merci fir hier gutt a wäertvoll Aarbecht!

**Méi een Nohaltege Subsidie-Modell fir de Kaf vu Vëloen:** 2019 hate mir gréng per Motioun eng Gemenge-Prime fir d'Mobilité douce proposéiert, déi eestëmmeg akzeptéiert gouf. Den LSAP-CSV Schäfferot wollt awer wichteg Detailer vun eiser Fuerderung net iwwerhuelen a keen esou e kohärenten an nohaltege Wee wielen. Esou goufen d'Propose fir e Sozialtarif fir sozial benodeelegt Familljen an och d'Fërderung vum Kaf vu Secondhand-Vëloen leider net iwwerholl. Als Erklärung krute mer 2019 gesot, dat een hätt wëilten en eenheetlech Konzept mat den Nopeschgemengen ausschaffen, an do weder de Sozialtarif nach de Second-Hand Vëlo zeréckbehale gouf well dat net gutt ëmsetzbar wär.

Elo ass et esou, dat eis Nopeschgemeng Beetebuerg awer genee esou e Second-Hand & Sozialtarif Subsidie-modell fir de Kaf vu Vëloen huet! Dofir hu mer elo een 2. Versuch gestart, an eng nei Motioun am November 2021 am Gemengerot deposéiert. Well wa Beetebuerg et fäerdeg bréngt de Kaf vu Second-Hand Vëloen ze fërderen, d'Gemeng Réiser datt jo wuel och misst kennen ëmsetzen – inklusiv der **järelecher Organisatioun vun engem Vëlo Second-Hand Maart zu Réiser!** Mat Bléck op d'**Economie Circulaire**, op **Offallvermeidung** an e méiglechst **laangt Liewe fir Konsumgëdder** muss et och fir d'Gemeng Réiser méiglech sinn een 2. oder 3. Vëlo-Liewe ze promoten! Do dernieft wäerte mir Gréng och weiderhin ee méiglechst flotten Ausbau an eng Verbesserung vum Réiser **Vëlospisten-Netz innerorts an ausserorts** ënnerstëtzen, genee wéi och d'Afféieren vun engem **Vëlo-Lokatiouns-konzept** wéi dem Vel'oh.

### Eis mëndlech Froen un de Schäfferot

Do ware mir wéi ëmmer ganz aktiv. Eis Froen an déi jeeweileg Äntwerten fannt der am Sëtzungsrapport op de Säiten virdrun, oder och am Video: Déi ganz Gemengerotssitzung vum 8.11 fannt Dir hei: <https://video.roeser.lu/v/sCJtZVyHIF>

## Nos positions au Conseil communal du 8 novembre 2021

La version française est disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann>  
ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktion  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 13. Dezember 2021

**LU:** Am éischten Dezember Gemengerot waren nieft dem „Budget“ - d.h. der Presentatioun vum Budgetsprojéit 2022 an dem aktualiséierte Budget 2021 (Budget rectificié), nach iwwert 15 aner Punkten um Ordre du Jour: vu Changementer bei den LSAP an CSV Verrieder.innen an den berodende Biergerkommissiounen an enger Nominatioun fir den Office Social, iwwert en Tauschakt, e Pachtvertrag, eng Modificatioun vum PAG, Verkéiersreglementer oder Subsidien fir 2 ONGen, bis zu enger 25%-er Präiserhéijung vum „Repas sur Roues“, enger Konventioun mam Staat fir de Cofinancement vu Sozial-

wunnengen zu Réiser oder der Conventioun mam Staat fir den neie Pacte Logement 2.0. D'Decisiounen dozou fannt dir op de Compte-Rendu Säiten hei virdrun. **Mir ginn hei als Gréng just op 3 vun dëse Punkten an: D'Presentatioun vum Budget, d'Präiserhéijung vum „Repas sur Roues“ an de Pacte Logement 2.0.**

**D'Presentatioun vum Budget:** Wéi all Joers huet de Buergermeeschter am éischten Dezember Gemengerot den LSAP-CSV Budgetsprojéit fir d'nächst Joer (2022) virgestallt, genee wéi och den aktualiséierte Budget vum 2021. Dat ass dee wichtigsten Dossier vum Joer, an och déi längste Ried vun alle Gemengerotssitzungen. Dofir ass de Budget och ëmmer op zwou Sitzungen opgedeelt: eng 1. Sitzung wou all d'Gemengeréit souwuel déi grouss Linne wéi och ganz vill Detailer vum Budget a vum Rectifié virgestallt kréien, a puer Deeg duerno dann eng 2. Sitzung wou all d'Gemengeréit kennen Prezisiounen froen, Verständnisfroë stellen a generell zum Budget vum der LSAP-CSV Majoritéit Stellung huelen ...éiert et dann zur Ofstëmmung kënn. Dohannert verstoppt sech ëmmer och eng kollektiv Ustrengung vum Gemengepersonal, souwuel wat d'Negociatioun an d'Opstellung vum Budget ugeet, wéi och d'Bereetstellung vum der Dokumentatioun, den Tabellen an de Grafiken. An dem Sënn vu grénger Sait aus ee ganz grouss MERCI un all Bedeelegt, an en extra Luef fir déi - am Géigendeel zu soss - méi fréi iwwermëttelt Dokumenter, déi sécherlech net nëmme eise Gemengeréit - Nadine BRIX & Dan MICHELS - d'Virbereedung méi einfach gemaach hunn, mee sécherlech och der Finanzkommissioun.

**Repas sur Roues vun 8€ op 10€:** De Präis vum „Repas sur Roues“ gouf fir t'éischte Kéier bannent 12 Joer nees erhéicht an zwar vun 8 op 10 Euro pro Iessen. Als gréng fanne mir dëst zwar eng staark Erhéijung (+25%), mee mat 10 Euro bleift et awer bei engem sozial korrekten Präis fir dëse Gemengeservice. „Repas sur Roues“ riicht sech un d'Awunner iwwer 60 Joer, Persounen mat Handicap déi awer autonom kënnen iessen a Persounen déi wéinst Accident oder Krankheet temporär eligibel sinn. Allerdéngs huet de Buergermeeschter ugekënnegt, datt den LSAP-CSV Schäfferot zu engem spéideren Zäitpunkt wuel nach eng weider Erhéijung wäert proposéieren.

**Den neie Pacte Logement:** De Pacte Logement 2.0 ass e wichtegt Standbee vum der nationaler Wunnungsbaupolitik, mat deem all d'Gemengen déi wëllen, finanziell an personell Hëllef kréien fir lokal méi öffentlech a bezuelbar Wunnengen ze bauen. Beim ale Pakt goufen d'Suen nach einfach mat der Strenz verdeelt ouni datt zanter 2008 awer vill Wunnengen dobäi entstane wäeren. De gréng Logementsminister huet dofir gekuckt, datt mam Pakt 2.0 d'Suen elo vill méi gezielt investéiert ginn, datt déi tatsächlech Fortschrëttler vun der Gemenge gekuckt ginn, an datt d'Gemengen net nëmme Suen, mee och Leit an Know-How a Form vu spezielle Logementsberoder zur Verfügung gestallt kréien. D'Ziel ass dräifach: 1) méi bezuelbaren an nohaltegen öffentleche Wunnraum; 2) d'Mobiliséierung vum besteende Bauterrain- a Wunnungsbaupotenzial; an 3) d'Verbessere vun der Wunnqualität. **Als Gréng erhoffe mer eis dofir net nëmme méi bezuelbar Wunnengen, mee och eng Stärkung vum sozialen Zesammenhalt, méi Gerechtegkeet an eng gutt Liewensqualität fir Jonk an Al. Dofir si mir och frou datt d'Gemeng Réiser direkt vun Ufank un beim Pacte Logement 2.0 dobäi ass.**

**Eis mëndlech Froen un de Schäfferot:** Eis Froen an déi jeeweileg Äntwerten fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säiten virdrun, oder am originale Wuertlaut am Video vun der Gemengerotssitzung (13.12): <https://video.roeser.lu/v/tolEdaDmuh>

## Nos positions au Conseil communal du 13 décembre 2021

La version française est disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou par code QR:





Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktion  
Gemeng Réiser

## Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 16. Dezember 2021

**LU:** Am zweeten Dezember Gemengerot war den Héichpunkt wéi üblech d'Diskussioun an d' Ofstëmmung vum Budget 2022 a Rectifié 2021. Do dernieft haten déi 11 uwiesend Membere vum Gemengerot awer och nach eng Doze weider Punkten ze decidéieren: Konventiounen mat Privatleit fir Planze vun Uebstbeem an d'Uleeë vu Weieren, 3 Spléckunge vun Bauterrainen (Bierchem, Léiweng, Peppeng), PAP-Konventioun (Réiser), neie Gemenge-Schapp fir de Stockage vun Holzhackspein, Kanalisationsprojet (Léiweng), Kollektivvertrag fir d'Personal vun de Südgemengen, Avancementer vun de Gemenge-

beamten, Locatiounskontrakt mam Staat a Verbesserungsarbechten un den Foussgängersträifen a Bushaltestellen zu Léiweng, Béliweng a Crauthem.

Bei der **PAP Emsetzungs-Konventioun fir de Lotissementsprojet „Wéinzelbaach“**, zu Réiser an der S-Kéier zum Schluss vu Réiser Richtung Alzeng, gouf eiser Meenung no net genuch op de Reen- resp. Héichwaasser-Risiko souwuel fir déi aktuell Noperen wéi fir eenzel nei Wunnengen opgepasst. Dofir hunn déi gréng sech enthalen.

**Firwat hunn déi Réiser gréng d'ëscht Joer géint de Budget 2022 gestëmmt?** Niefert der Coronakris si mir och nach ëmmer mat aneren groussen Erausforderungen konfrontéiert: Klimawandel, Biodiversitätsverloscht, Logementskris, an d'Ongläichheeten an onser Gesellschaft déi zouhuelen. An dofir hate mir och schonns d'läscht Joer proposéiert fir och zu Réiser d'Corona-Kris ze notze, fir eis méi staark par Rapport zu dese groussen Erausforderungen opzestellen, déi ebenfals eis voll Opmierksamkeet brauchen, a wou de lokalen Niveau eng wichteg Roll ze spillen huet => **„Think global, act local!“** Mir hunn awer misse feststellen, datt - mat Ausnam vum Soziale Wunnengsbau - de Schäfferot weder déi néideg Visiounen nach den néidegen Driff an dese Beräicher huet, a wäertvoll Zäit verluer geet. Et gëtt wuel eppes gemaach, mee dat geet bei wäitem net duer. An dat läit dorunner, datt **eiser Gemeng hei déi néideg Visioun, den Know-How an d'Personal feelt fir eng nei Dynamik am Ëmwelt-, Klima- an Energieberäich ze lancéieren. Trotz eiser Propose, gouf och no 12 Méint nach ëmmer keen zousätzleche Posten an dese Beräicher geschaf, an et ass och fir 2022 scheinbar net geplangt. En däitlecht Symptom vun deser „gemittlecher“ LSAP-CSV Politik ass z.B. och d'Tatsaach, datt d'Reiser Subventiounen fir erneierbar Energien an energieeffizient Bauen zanter 9 Joer net méi ugepasst goufen - z.B. déi max 250 Euro fir d'Installatioun vun enger PV-Anlag - obwuel d'Urgence ëmmer méi grouss gëtt. Mir hunn dem Schäfferot hei och proposéiert eng kommunal Subventioun fir d'Installatioun vu privaten e-Auto Bornen bäizesetzen, speziell och fir d'Residenzen.**

Iwwert de Summer kouw leider och nach eng Energiekris dobäi, déi net just d'Gemeng impaktéiert, mee all d'Reiserbännerinnen an och d'Betriebe aus eiser Gemeng, sief et duerch de méi deieren Sprit, de Stroum, de Gas, asw. A well et momentan ongewëss ass, wéi laang d'Energiepräisser op esou héijem Niveau bleiwen, dierft dat kommend Joer speziell fir d'Mënsche mat niddregem Akommes finanziell méi schwierig ginn. **Als Gréng fanne mir et dofir wichteg a richtig déi vulnerabelst Stéit elo méi ze ënnerstëtzen. D'Regierung huet schonns d'national Allocation de vie chère erhéicht, mee och d'Gemengen sinn elo an eisen Aen gefuerdert. De Buergermeeschter war hei awer leider anerer Meenung, an huet betount, dat wäeren alles staatlech Missiounen, an eis Fuerderung no enger 50%-eger Erhéijung vun der Réiser Sozial-Allocatioun ofgeleent. Dank eiser Ufro per Motioun wäert dese Punkt awer an enger nächster Sitzung nach eng Kéier diskutéiert ginn.**

### Dee ganze Gemengerot per Video kucken ?

D'original Interventiounen vun äre gréng Gemengeréit, dem Nadine Brix an dem Dan Michels, genee wéi och vun allen LSAP, CSV an DP-Riednerinne kennt der iwwert folgende Link am Sitzungs-Video vum 16.12 nokucken: <https://video.roeser.lu/v/toLEdaDmuh>

Mir wënsche lech All e schéint a glécklecht neit Joer 2022 an dat Dir an all är Léifsten gesond a monter bleift. A mir versécheren lech, datt déi Gréng Réiserbann sech och 2022 mat vill Engagement an Motivatioun fir de Réiserbann, seng Natur a seng Awunner vun Haut a vu Muer asetze wäerten !

## Nos positions au Conseil communal du 16 décembre 2021

La version française est disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann>  
ou par code QR:

